LU

GEMENGEROT

VUM 5. JUNI 2023

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Claudine Meyer (LSAP), André Noesen (déi gréng) an

Entschëllegt: Patrick Krecké (DP)

Ufank vun der Sëtzung: 15.00 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour mat Ausnam vum Punkt 12 sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

ËFFENTLECH SITZUNG

MATDEELUNGEN

Virun der Sëtzung entschëllegt de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) d'Absence vum Conseiller Patrick Krecké (DP).

Um 15 Auer heescht hien all d'Conseilleren a Conseillèrë wëllkomm zu der leschter Gemengerotssëtzung vun dëser Legislaturperiod an iwwergëtt d'Wuert un de Larry Bonifas (déi gréng), dee senge Kolleegen a Kolleeginne Merci seet, datt si, op seng Ufro hin, dëse Rendez-vous vum Méindeg Moien op e Méindeg Nomëtteg ze verleeën, averstane waren.

Duerno deelt de Guy Kohnen (CSV) mat, datt de Mandat vum Comité vum SICA geschwënn op en Enn kënnt. Well den Ament awer nach Gespréicher an Diskussioune mat de Gewerkschaften amgaange sinn, fir Verbesserunge vum Kollektivvertrag ze verhandelen, gouf elo decidéiert, dësen Dossier op Äis ze leeën, bis den neie Comité definitiv zesummegesat ass.

Ausserdeem huet hien eng erfreelech an eng manner erfreelech Nouvelle bezüglech dem Office Social. Déi erfreelech Nouvelle ass, datt rezent zwee nei Gebaier mat Sozialwunnengen net wäit vun der Gemeng ageweit goufen. Eent vun dëse Gebaier mat sechs Wunnenge gëtt ab dem 1. Juli 2023 vum Office Social iwwerholl. An dësem Kontext gouf ee Contrat de Bail op 20 Joer ënnerschriwwen.

Déi manner erfreelech Noriicht betrëfft d'Tatsaach, datt d'Personal vum Office Social ëmmer erëm mat Menacë vu Säite vun Demandeurs d'aide confrontéiert ass. An dësem Sënn war et e puer mol zu Eskalatioune komm.Doropshin goufe Gespréicher tëschent dem Sozialaarbechter an dem Demandeur d'aide mam Handy opgeholl, wat net zoulässeg ass. Nodeems e puer Leit dëst matkritt hunn, as vun den Concernéierten eng Plainte gemaach gin.

Am Uschloss mellt sech d'Claudine Meyer (LSAP) zu Wuert a gëtt als alleréischt ee grousse Merci vun der LIFE asbl weider, fir déi grouss Hëllef a Solidaritéit, déi d'Gemeng Kielen erbruecht huet, fir eng Famill aus der Gemeng ze ënnerstëtzen. Et haten sech vill Leit vu Kielen mobiliséiert , fir dëser Famill ze hëllefen an doweinst wëlle si e grousse Merci soen.

Ausserdeem gëtt d'Claudine Meyer Informatiounen zu der Ouverture vun der neier privater Crèche an der Cité Beichel, op déi si rezent méi oft ugeschwat gouf. Viraussichtlech wäert dës am 2. Trimester 2024 hir Dieren opmaachen.

Zum Theema vun enger méiglecher Vergréisserung vum ZARO an der Zone Industrielle um Wandhaff, déi beim Ministère de l'Économie ugefrot gouf, ass eng negativ Äntwert zeréckkomm. Dat Eenzegt, wat hei méiglech wier, wier eng Vergréisserung direkt südlech vum ZARO.

Als lescht wëll d'Claudine Meyer hir Kolleegen a Kolleeginnen doriwwer informéieren, datt den Ament an och an Zukunft e puer Changementer am Club Senior wäerte gemaach ginn, wéi een elo schonns am Agenda vun der Gemeng feststelle kann.

Am Uschloss huet de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) nach e puer Kommunikatiounen. Déi éischt betrëfft d'Madamm Nadine Hilgert aus dem Service Finance, déi den 1. Mee hir Plaz ugetrueden huet. Hie wënscht hir alles Guddes op hirer neier Plaz.

Duerno schwätzt hien déi nei Containeren un, déi den 11. Mee hannert der Gemeng opgeriicht goufen, fir iwwergangsweis verschidde Gemengeservicer ënner ze brëngen. De Service Informatique ass elo scho geplënnert a weider Servicer wäerte geschwënn nokommen.

Zum Theema Gemengewalen deelt de Félix Eischen mat, datt an der Gemeng Kielen am Ganzen ronn 3.800 Wieler agedroe sinn. 479 dovunner hu keng Lëtzebuerger Nationalitéit. Dat si ongefeier 25 Prozent vun der Bevëlkerung déi hätte kéinte mat wiele goen. Déi national Moyenne läit bei 19,8 %. 745 Leit hunn ausserdeem d'Bréifwal ugefrot ; 86 dovunner sinn an d'Ausland geschéckt ginn.

Duerno huet de Félix Eischen nach eng Info zum Verkéier kommunizéiert. An zwar gëtt eng Zon 30 op der Haaptstrooss zu Kielen realiséiert ; dëst tëscht der Kéier beim chineesesche Restaurant an dem Zebrasträife virun der Gemeng. Hei gëtt den Trottoir ausserdeem esou erhéicht, datt keen Auto méi mat de Rieder iwwert den Trottoir fuere kann. De Busarrêt direkt virun der Gemeng gëtt an d'Strooss verluecht. Dernieft entsteet een erhéichte Plateau um Niveau vun den zwee Zebrasträifen. Dëst ass déi éischt Phas vum Projet „Zon 30 Kielen", deen den 2. Abrëll 2021 fir 2.360.000,00 € am Gemengerot gestëmmt ginn ass. Dës Phas kascht ronn 505.000 €.

1. Kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner (SEA)

– Kreatioun vun engem Gemengenemployé-Posten an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Administratives

Am Punkt 1 stëmmt de Gemengerot d'Kreatioun vun engem neie Gemengenemployé-Posten am SEA

GESCHLOSSE SËTZUNG

2. Enseignement : Propositiounen fir d'Affektatiounen vun Titulairen op déi verschidden vakant Posten

2.1. Cycle 1,.1. Posten, 100 %, 2023/24

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vu engem Titulaire op e Poste C1 fir d'Schouljoer 2023/2024 (100 %).

2.2. Cycle 2-4, 1 Posten, ACC, 100 %, 2023/24

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste ACC C2-4 fir d'Schouljoer 2023/2024 (100 %).

2.3. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 (100 %).

2.4. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 (100 %).

2.5. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 (100 %).

2.6. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %, 2023/24

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 fir d'Schouljoer 2023/2024 (100) %.

2.7. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %, 2023/24

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 fir d'Schouljoer 2023/2024 (100) %.

2.8. Cycle 2-4, 1 Posten, 100 %, 2023/24

De Gemengerot proposéiert d'Affektatioun vun engem Titulaire op e Poste C2-4 fir d'Schouljoer 2023/2024 (100) %.

3. Kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner (SEA)

3.1. Ernennung vun engem diploméierten Erzéier an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales , mat Klassement-Decisioun

Als éischt ernennt de Gemengerot en diploméierten Erzéier fir de SEA.

3.2. Ernennung vun engem diploméierten Erzéier an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, mat Klassement-Decisioun

Ënnert dem Punkt 3.2. geet et ëm d'Ernennung vun engem weideren diploméierten Erzéier am selwechte Service.

3.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Administratives

Am nächsten Ënnerpunkt ernennt de Gemengerot ee Gemengenemployé an der Kategorie D.

3.4. Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungruppe B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Nach ëmmer ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet geet et ëm d'Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé.

3.5. Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungruppe B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Duerno decidéiert de Gemengerot iwwert d'Erweiderung vun der Tâche vun engem weidere Gemengenemployé.

3.6. Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungruppe B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Och am nächsten Ënnerpunkt geet et ëm d'Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé.

3.7. Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungruppe B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Ënnert dem Punkt 3.7. stëmmt de Gemengerot eng lescht Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé.

Zum Schluss vun der net ëffentlecher Sëtzung, huet de Receveur, Serge Harles, säin detailléierten Rapport vum Restantenétat fir d'Joer 2022 presentéiert.

ËFFENTLECH SËTZUNG

4. Restantenétat 2022 – Vott

No den Erklärunge vum Receveur stëmmt de Gemengerot an der ëffentlecher Sëtzung iwwert de Restantenétat fir d'Joer 2022 of.

5. Bewëllege vun de Recetten vum Exercice 2022

De Gemengerot stëmmt ouni weider Wuertmeldungen d'Recetten mat engem Betrag vun 65.329,29 € vum Exercice 2022.

6. Reglement vum „Ordre Interne" vun der Maison Relaisparascolaire a vum Accueil parascolaire – Ännerung

Beim Punkt 6 geet et ëm d'Ännerung vum Reglement vum „Ordre Interne" vun der Maison Relais. Dëst ass säit 2015 net méi à jour gesat ginn a gëtt elo ugepasst. Dës Ännerunge beinhalte virun allem d'Gratuitéit vun de Maisons Relaisen souwéi d'Bestoe vun enger neier Maison Relais.

7. Museksschoul Kielen - Schoulorganisatioun 2023/2024

D'UGDA huet der Gemeng d'Schoulorganisatioun 2023/2024 zoukomme gelooss. D'Gesamtkäschte vum Enseignement Musical maachen 1.331.075,52 € fir d'Joer 2024 aus. Dat si ronn 25 % méi wéi fir d'Schouljoer 2022/2023. Dëst ass ze erklären duerch d'Erhéijung vun de Salairen an d'Reevaluatioun vun de Karriäre vun den Enseignanten. 25 % vun dësem Montant musse vun der Gemeng gedroe ginn.

8. Festleeën vum Grondsteiersaz a vum Gewerbesteiersaz fir d'Joer 2024

De Gemengerot huet beschloss d'Grondsteiersäz an de Gewerbesteiersaz fir d'Joer 2024 onverännert bäizebehalen.

9. Areeche vun de Statute vun der Associatioun „Asivema" - Informatioun

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) informéiert de Gemengerot iwwert d'Areeche vun Statute vun der Associatioun „Asivema - Entente des Communes et Syndicats d'Initiative des Vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert asbl." Den Zweck vun dëser Associatioun ass , d'Gemengen, d'Syndicats d'initiatives (S.I.) oder am Fall, wou et keng ginn, d'Associatiounen, déi d'S.I. vun dëse Regiounen ersetzen, ze ënnerstëtzen, fir d'Entwécklung vum Tourismus ze regruppéieren a gemeinsam ze verfollegen, wärend se an hirer interner Aarbecht autonom bleiwen.

10. Nationalfeierdag 2022 – Zuelen an Don un d'Asbl „Den Cent Buttek"

Am Kader vum Nationalfeierdag 2022 goufen dank de Festivitéite vun Nationalfeierdag an dem Concert zu Nouspelt an der Kierch 2.027,82€ ageholl. Wärend der Sëtzung vum 17. Mee 2023 huet de Schäfferot, op Propositioun vun der Kulturkommissioun, decidéiert, een Don vun 3.000 € zugonschte vun der „Den Cent Buttek Asbl" ze maachen.

11. Kontrakt, deen d'Reproduktioun duerch Reprographie vu geschützte Wierker fir d'Gemengen/ Stied vum Grand-Duché de Luxembourg erlaabt

Et handelt sech em e Kontrakt tëschent Luxxor (Luxembourg Organization for Reproduction Rights) an der Gemeng Kielen. Unhand vun dësem Kontrakt ermächtegt Luxxor de Vertragspartner entspriechend de Bestëmmunge vum Gesetz an der Veruerdnung, ënner deenen an dësem Vertrag festgeluechte Bedéngunge Kopië vu geschützte Wierker ze maachen, d.h. Kopië vun Zeitungsartikelen oder vu Säiten aus Bicher, déi de Vertragspartner Drëttpersounen zur Verfügung stellt, souwéi Kopië vun Zeitungsartikelen oder Säiten aus Bicher déi vu Mataarbechter vun der Gemeng am Kader vun hiren Tâchen zum interne Gebrauch gemaach ginn, souwéi Kopien, di vun engem ausgedréckten Exemplar vun Texter oder Biller gemaach ginn di op Internetsitte publiéiert ginn, déi intern gebraucht ginn duerch Mataarbechter vun der Verwaltung oder am Zesummenhang mat Kopien, di d'Gemengen enger Drëttpersoun zur Verfügung stellt.

12. Ëmbau vum Haff Elcheroth zu Kielen - Projet mat de Pläng an Devisen

De Gemengerot stëmmt de Projet vum Haff Elcheroth – fréier „An Tunnen", op der Nummer 6, rue de Keispelt - dee restauréiert an a Gemengebüroen ëmgewandelt gëtt. Den Architekt Louis Weisgerber vu Weisgerberarchitectes sa presentéiert déi aktuell Pläng. D'Käschte fir dësen Ëmbau belafe sech aktuell op 9.600.000,00 €. D'Gebai besteet aus 3 Deeler: D'Haaptgebai, d'Scheier an zwou Annexe lénks a riets vum Haaptgebai. Dat neit Gebai gëtt de Besoine vun der Kielener Gemengeverwaltung ugepasst an deementspriechend restauréiert. D'Renovéierung entsprécht selbstverständlech och den nationalen Denkmalschutznormen an de ministeriellen Oplagen. Esou gëtt ënner anerem ee Carport an eng Fotovoltaik-Anlag installéiert an d'Gebai wäert PMR-gerecht konzipéiert sinn. De Budget ass esou héich, well verschidden Elementer no de Virgabe vun der INPA erhalen a restauréiert musse ginn.

13. Reamenagement an Extensioun vum Regiebetrib vun der Gemeng an der Zone d'Activités Économiques Kehlen – zousätzlechen Devis

Fir de Reamenagement an d'Extensioun vum Regiebetrib an der Zone d'Activités Économiques Kehlen huet den urspréngleche Devis e Montant vu 8.823.919,18 € virgewisen. Duerch den zousätzlechen Devis kascht den Projet elo 14.531.632,59 € , dat ass eng Hausse vu 5.707.713,41 €

De Marc Silverio, Préposé vum Service Technique, erkläert datt d'Aarbechten am Juni 2019 ugaange sinn, mee datt d'Käschte säitdeem virun allem duerch d'Corona-Pandemie an de Krich an der Ukrain reegelrecht explodéiert sinn.

Ausserdeem sinn eng Rei ongeplangten Aarbechten dobäikomm an et huet eng intern Reorganisatioun am Regiebetrib stattfonnt.

14. Konstruktioun vun neie Vestiäre mat Buvette a lokalen Annexen am Stade Albert Berchem zu Kielen – Zousätzlechen Devis

Och de Bau vum neie Vestiär mat Buvette am Stade Albert Berchem zu Kielen ass méi deier ginn.Den urspréngleche Devis huet e Montant vun 3.545.256,55€ virgewisen. Den zousätzlechen Devis beleeft sech op 3.270.253,36€, den Projet kascht also lo insgesamt 6.815.509,91€. De Marc Silverio informéiert datt et hei änlech Problematike gouf wéi beim Gebai vum Regiebetrib. D'Käschte sinn an d'Luucht gaangen an et sinn am Laf vun der Zäit ongeplangten Aarbechten dobäikomm.

15. Aarbechten a Moossnamen fir d'Verbesserung vun der Verkéierssécherheet

Am Kader vun der Verkéierssécherheet presentéiert de Félix Eischen (CSV) en Devis fir verschidde Verbesserungsaarbechte wéi z.B. d'Beliichtung vun Zebrasträifen, nei Verkéiersschëlder, déi d'Vitess uweisen, verschidde Verkéiersberouegungsmoossnamen (Inselen, Polleren, Plateauen oder Stroosseverengungen) a Barriäre fir am Ganze 360.000,00€. Dës Aarbechte kënnen elo lassgoen.

16. Deklassement vu Parzellen zu Nospelt um lieu-dit „Rue d'Olm"

Am Punkt 16 geet et ëm d'Deklassement vu Parzellen en vue vun engem Tosch am Kader vun enger Cessation gratuite mat der Firma FMC Promotions an der Sektioun C zu Nouspelt, um lieu-dit „rue d'Olm". Hei handelt et sech ëm d'Kadasternummeren: 55/5110, 55/5111, 268/5115, 268/5116, 269/5121, 269/5122 an 269/5123.

17. Notariell Akten/Compromisen

17.1. erkaf vu Parzellen zu Nouspelt um lieu-dit „rue de Simmerschmelz" (Konstrulux)

Zu Nouspelt verkeeft d'Gemeng Kielen 2 Parzellen mat de Kadasternummeren 2131/5073, um lieu-dit „rue de Simmerschmelz", vun 0,09 Ar an 2131/5074, um lieu-dit „rue de Simmerschmelz" vun 0,15 Ar.

17.2. Acquisitioun vun enger Parzell zu Kielen um lieu-dit „rue des Champs" (CreaHaus)

Mat dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen en Terrain vu 0,04 are an der „rue des Champs" zu Kielen, Kadasternummer 1715/6051, vun der Entreprise Creahaus Invest S.à r.l. of, fir Emprisen ze regulariséieren.

17.3. Acquisition vun enger Parzell zu Dondel um lieu-dit „rue du Moulin" (Rémy-Burg)

Anhand vun dësem Akt keeft d'Gemeng Kielen der Famill Rémy-Burg eng Parzell vun 0,09 Ar an der „rue du Moulin" zu Dondel, Kadasternummer 13/795, of. Dëst geschitt am Kader vum Reamenagement vun der „rue du Moulin".

18. Contrat de bail vun engem Haus zu Nouspelt - Resiliatioun

Säit 2007 besteet ee Contrat de bail tëscht der Gemeng Kielen an der Associatioun „D'Georges Kayser Altertumsfuerscher" fir e Gebai dat sech zu Nouspelt, 2, rue d'Olm befënnt. Dëst ass dat aalt Paschtoueschhaus. De Loyer beleeft sech hei op 1.000 € de Mount wou d'Associatioun bezuele muss. Dëse Montant war deemools opgestallt ginn, well „D'Georges Kayser Altertumsfuerscher" dësen als Subside vum Kulturministère remboursëiert kruten. Dëse Subside gëtt elo net méi bezuelt seitens dem Ministère an dohier gëtt dëse Contrat de bail gekënnegt. „D'Georges Kayser Altertumsfuerscher" kënnen d'Gebai awer weiderhi benotzen – ouni Loyer ze bezuelen –, mee si mussen et ab elo mat anere Veräiner deelen.

19. Lotissementer

19.1. Lotissement vun engem Terrain op der Nummer 28 rue de Kehlen zu Keespelt

D'Firma Kikuoka Luxembourg S.A. vu Kanech freet e Morcellement vun engem Terrain op der Adress 28, rue de Kehlen zu Keespelt am Kader vum Bau vun dräi Eefamilljenhaiser.

19.2. Lotissement vun engem Terrain op 2B um Léck zu Nouspelt

Op der Adress 2B um Léck zu Nouspelt soll een Terrain an zwee Lousen opgedeelt ginn. Hei keeft de M. Noesen André sengem Noper ee Stéck vu sengem Terrain of, fir en Deel bei sengem Haus bäizebauen.

20. Gemengenadministratioun – Kollektivvertrag vun den handwierkleche Mataarbechter – Avenant

De Gemengerot stëmmt en Avenant vum Kollektivvertrag fir d'Mataarbechter vum Regiebetrib. Hei geet et virun allem drëm, festzehalen, datt am Summer – tëscht dem 15. Juni an dem 15. August – d'Déngschtzäiten modifizéiert ginn. Amplaz vu 07.00 bis 12.00 a vun 13.00 bis 16.00, schaffen déi handwierklech Employéen am Summer vu 06.00 bis 14.00 Auer. Dëst Modifikatioun garantéiert méi sécher Aarbechtskonditiounen a Funktioun vun de Wiederkonditiounen.

21. Office Social Commun Mamer – Konventioun fir d'Joer 2023

De Félix Eischen (CSV) presentéiert d'Konventioun, déi d'Zesummenaarbecht tëscht dräi Parteien a Bezuch op d'Organisatioun an d'Finanzéierung vun den Aktivitéite vum Office social reegele soll.

Den Office Social verflicht sech, bedierftege Persounen an hire Familljen déi Leeschtungen ze erbréngen, déi an den Artikelen 1 an 2 vum modifizéiertem Gesetz vun der sozialer Hëllef virgesi sinn.

D'Personal vumOffice sociale gëtt zu 50 % vum Staat an zu 50 % vun de Gemenge finanzéiert, mat engem Verhältnis vun 1,5 Sozialaarbechter oder Sozialhygieniker an 0,75 administrativ Poste pro 6.000 Awunner.

22. Déngschtleeschtungskontrakt bezüglech Lëtzebuergeschcoursen

De Schäfferot huet decidéiert, och fir d'Joer 2022/2023 Lëtzebuergeschcoursen unzebidden. An dësem Sënn gouf ee Kontrakt mat der Madamm Monique Harslem ënnerschriwwen, déi dës Coursen hale wäert. Dëse Kontrakt muss all Joer erneiert ginn.

23. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Félix Eischen (CSV) presentéiert véier dréngend Verkéiersreglementer, déi de Gemengerot stëmme soll: An der Gieweler Strooss zu Nouspelt gëtt bis de 16. Juni en Zebrasträifen amenagéiert. An der Zone zu Kielen gëtt nach bis den 9. Juni e Foussgängerwee amenagéiert. An der Juddegaass zu Kielen gëtt bis de 14. Juli ee Busarrêt deplacéiert an an der Rue des Près zu Nouspelt fannen nach bis den 28. Juli d'Aarbechte fir den Uschloss un d'Verdeelungsnetz vum Haus Nummer 8 statt.

24. Site Elmen - Kontrakt iwwert de Bau vun enger Energiezentral an d'Energieversuergung fir d'Gebaier, déi domat verbonne sinn

Am Punkt 24 presentéiert de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) e Bauvertrag fir eng Energiezentral um Site Elmen sou wéi och e Kontrakt fir Energieversuergung. D'Firma EQUANS vun Éilereng verflicht sech, dës Zentral ze finanzéieren, ze realiséieren, ze exploitéieren an och ze ënnerhalen. Déi spéider Schoul, d'Crèche bzw. d'Maison Relais, ee Commerce, „Maison pour tous" an een administratiivt Gebai sollen un dës Zentral ugeschloss ginn. Si liwwert Energie, déi duerch Solarpanelen an Naturgas produzéiert gëtt an déi souwuel fir ze hëtze wéi och fir ze killen agesat gëtt.

D'Firma EQUANS verflicht sech, der Gemeng an der SNHBM Energie ze liwweren an d'SNHBM souwéi d'Gemeng verflichte sech, d'Energie exklusiv bei EQUANS ze kafen.

Presentatioun vun der Ëmsetzung vum „EEA"-Programm (European Energy Award, Pacte Climat 2.0) duerch de Conseiller vum Pacte Climat, Thierry Lagoda

Beim leschte Punkt vun dësem Gemengerot stellt de Klima-Conseiller Thierry Lagoda d'Ëmsetzung vum „EEA"-Programm (European Energy Award, Pacte Climat 2.0) vir, dee mindestens eemol am Joer am Gemengerot thematiséiert soll ginn. Hie presentéiert ënnerschiddlech Moossnamen an een ugepassten Aktivitéitsprogramm fir d'Gemeng Kielen. An engem spéidere Gemengerot wäert iwwert dëse Klimapakt ofgestëmmt ginn.

Um Enn vun dësem leschte Gemengerot vun der Legislaturperiod profitéiert de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) dovunner, dem ganze Gemengerot vun Häerze Merci ze soen. Et war him eng grouss Éier, dësem Gemengerot virsetzen ze dierfen. Déi 11 Membere vum Gemengerot hunn ëmmer als Team zesummegeschafft, wat net iwwerall eng Selbstverständlechkeet ass. Dowéinst ka jiddereen houfreg sinn. Och der ganzer Ekipp vu Mataarbechter seet hien e grousse Merci. Zum Schluss wënscht hien alle Kandidaten a Kandidatinne vill Gléck bei de Walen.

Den André Noesen (déi gréng) ergräift och nach eemol d'Wuert. Fir hie war dëst de leschte Gemengerot viru senger politescher Pensioun. Hien hofft, datt seng Kolleegen a Kolleeginne weiderhin zu all Moment d'allgemeng Interessien am A behalen a wënscht jidderengem nach vill Freed.